N°4579
Entrée le 05.08.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.08.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 05. August 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an den Här Finanzminister weiderzeleeden:

„ D'Besteierung vu Plug-In Hybriden, déi als Firmewon genotzt ginn, gesäit aktuell e Steiersaz vun 2% fir. Fir d'Elektrifizéierung awer weiderhin auszebauen huet d'Regierung virgesinn, datt dësen Taux ab 2027 op 1% erofgesat gëtt. Soumat sollen déi Leit, déi iwwert hir Aarbecht e Plug-In Hybrid Auto fueren, entlaascht ginn an d'energeetesch Transitioun weider no vir gedriwwe ginn. Dës Mesure ass awer net onëmstridden: Interessevertrieder sinn der Meenung, datt den $CO^2$ Ausstouss bei Plug-in Autoen deemno vill méi héisch ka si wéi dat vum Hiersteller annoncéiert ass.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an dem Här Finanzminister follgend Froe stellen:

- Aus wéi enge Grënn gouf decidéiert fir de Steiersaz vun 2% op 1% erof ze setzen?
- Sinn zousätzlech Mesurë geplangt, déi de Modell vum Plug-In Hybrid nach méi attraktiv solle maachen?
- Huet de Minister Zuelen zum reellen $CO^2$ Ausstouss vu Plug-in Hybriden Autoen, déi als Firmewon ugemellt sinn? Ginn et hei Ënnerscheeder zu de Wäerter, déi d'Hiersteller annoncéieren?

Bei hybride Plug-In Autoen ass de korrekten Ëmgang tëschent dem Elektro- an dem Verbrennermotor e wichtege Facteur. Bei optimaler Notzung ass et méiglech fir e Groussdeel vun der Zäit entweder elektresch oder Hybrid ze fueren. Bei ineffizienter Notzung kann et awer och sinn, datt den elektresche Motor net genotzt gëtt. Dofir wollte mir och hei zousätzlech vum Här Ëmweltminister Follgendes wëssen:

- Plangt d'Regierung, niewent den annoncéierten Erliichterungen, och iwwert den idealen Ëmgang vun hybride Plug-In Autoen z'informéieren an ze sensibiliséieren?"

Mat déiwem Respekt,

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu

| | |
|---|---|
| Gusty GRAAS<br>Deputéierten | André BAULER<br>Deputéierten |